

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2020

Betrëfft: Schoul/Cours d'accueil

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am Enseignement Fondamental huet all Kand, dat nei an d'Land kënt (Primo-Arrivant), d'Recht op 2 Joer maximum „Cours d'Accueil“. Wärend d'Kand aus senger Reegelklass eraus geet, kritt et Extra-Course fir eng oder zwou (jee no Situatioun) Schoulsproochen D/F intensiv opzeschaffen, mam Zil, datt et a senger Reegelklass ka matkommen. Elo héiert een, datt déi Coursen nom 25. Mee kéinten ewech falen. Dowéinst wéilt ech dem Här Schoulminister dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, datt d'Cours d'accueil am „Enseignement fondamental“ fir de Rescht vum Schouljoer 2019 - 2020 ewech falen ?
2. Wa jo, wéi gëtt dat begrënnt ?
3. Wéi sollen déi betraffe Kanner an hirer Klass eens ginn, ouni déi néideg Sproochekenntnesser, déi si dann net méi bäibuecht kréien ? Bleift et Zil, déi Kanner esou schnell ewéi méiglech an hirer Reegelklass ze integréieren ?
4. Wat ass fir déi Primo-arrivant-Kanner virgesinn, déi tëschent dem 25. Mee an dem 15. Juli op Lëtzebuerg kommen ?
5. Ass geplangt, datt d'Zäit am Cours d'Accueil, déi d'Kanner nach fir dëst Schouljoer ze gutt hätten, op dat anert Schouljoer verluecht gëtt?
6. Well de SECAM (Service de la Scolarisation des enfants étrangers) just nach op Nofro vum Enseignant bei der Orientatioun vu Primo-arrivant-Kanner am C 4 hëlleft, hunn d'Elteren, am Fall wou si mat der Entscheidung vum Enseignant net averstane wäeren, d'Méiglechkeet, de Service SECAM ze kontaktéieren ? Gin si doriwwer informéiert ? A wéi enger Form ?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten